



► **M. le Président.-** Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Just eng kleng Fro, well ech hunn et scho gëschter gesot, Här President, mir sinn dës Woch eng Trans..., mir maachen Texter, dat sinn Transpositionne vun Direktiven. De Minister huet et net gesot: Firwat brauche mir an dësem Land, an deem heite Fall sechs Joer, fir eng Direktiv ze transposéieren?

Den Text virdru wor gradesou e Fall. Déi ganz Woch hu mer nëmmen esou Fäll. Firwat brauch d'Regierung esou laang Zäit? Firwat muss mer all Kéiers vun der Kommissioun e Fanger oder souguer Prozedure gemaach kréien, fir endlech Texter ze déposéieren?

Ech fannen et skandaléis, Här President, dass mer dës ganz Legislaturperiod bal d'Halschecht vun den Texter nëmmen Transpositionne vun Direktiven haten. Dat heescht, dass d'Regierung ganz wéineg Initiatives législatives hat. Mä wéi gesot, an deem heite Fall, Här President, muss ech lech soen, dass ech einfach d'Fro wëll stellen: Firwat déi sechs Joer waarden, fir mat engem Text an d'Chamber ze kommen?

(Interruption)

► **M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région.-** Här Bettel, wann ech zu deem heite Gesetz, wat ech jo dann hei elo kommentéiert hunn, a wat ech och déposéiert hat, muss dat kommentéieren, wat Der elo gesot hutt, soen ech dat: Liest de Rapport vum Rapporteur!

Do steet kloer an däitlech dran, dass mer ee Gesetz vun 1986 haten, wat sollt d'Direktiven aus de 70er Joren ëmsetzen. Et ass gemengt ginn, dat Gesetz vun 1986 wär konform zu deem Règlement communautaire vun 2004. A well dat eben net de Fall war, hu mer elo missen nozéien. Do war eng Diskussioun: Déi eng hu gesot, et geet duer; déi aner hu gesot, et geet net duer. Dat ass dat, wat hei geschitt ass. Also, hei ass e schlecht Beispill fir ze weisen, dass d'Regierung hir Hausaufgab net gutt gemaach hätt.

Merci.

(Brouhaha)

► **M. le Président.-** Gutt, Merci dem Innenminister. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6096 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Marc Lies), Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Claude Haagen), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helming (par M. Fernand Etgen), Claude Meisch (par M. André Bauler), Mme Lydie Polfer (par M. Xavier Bettel) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Félix Braz), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Jean Huss), Jean Huss et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser
M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer zu eisem leschte Punkt vum Ordre du jour, nämlech en Ännerungsvorschlag mat der Nummer 6143 vun eisem Chamberreglement iwwert den Impakt vum Lissabon-Traité op déi national Parlamenter. D'Riedezäit ass och hei nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: den Här Gloden, d'Madame Polfer,... Neen, d'Madame Polfer gëtt gestrach. Dann den Här Gibéryen an den Här Hoffmann.

(Interruption et hilarité)

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Ännerungsvorschlag, den honorabelen Här Ben Fayot.

8. 6143 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative aux incidences du Traité de Lisbonne sur les parlements nationaux

Rapport de la Commission du Règlement

► **M. Ben Fayot (LSAP), rapporteur.-** Här President, den 1. Dezember 2009 ass de Vertrag vu Lissabon a Kraaft getratt. An deem Vertrag gëtt et eng ganz Partie Artikelen, déi och d'national Parlamenter concernéieren.

Fir d'Éischt emol am Vertrag iwwert d'Europäesch Unioun gëtt et e wichtege Artikel 12 iwwert déi gesamt Roll vun den nationale Parlamenter an der Demokratisierung vun der Europäescher Unioun. Et gëtt och doranner en Artikel 48 iwwert d'Revisioun vun de Verträge, an deem de Konvent ageschriwwen ass.

An an deem zweeten Traité, den Traité iwwert de Fonctionnement vun der Europäescher Unioun, sinn eng ganz Partie Artikelen, déi ech elo net wëll opzielen, déi och Regeln enthalten, wat d'national Parlamenter an europäeschen Affäre matzeschwätzen hunn. Dobäi kommen zwee Protokollen, de Protokoll 1 an 2. Besonnesch de Protokoll 2 iwwert de Contrôle vun der Subsidiaritéit an der Proportionalitéit, déi mer och mat dësen Ännerunge vun onsem Reglement ëmsetzen.

Ech wëll drun erënneren, dass dee Protokoll Nummer 2 den nationale Parlamenter fir d'Éischt an der Geschicht vun der Europäescher Unioun e Recht vun Intervention an de legislative Prozess vun der Europäescher Unioun gëtt. An deem Sënn, dass, wann en Text aus der Kommissioun erauskënnt, d'national Parlamenter dee kënnen innerhalb vun enger kuerzer Zäit kucken an dann, wa se dat néideg fannen, en Avis motivé zu dem Respekt vun der Subsidiaritéit an der Proportionalitéit maachen. Dat muss innerhalb vun aacht Woche geschéien.

A si kënnen iwwert d'Kontroll vun der Proportionalitéit an der Subsidiaritéit en Avis motivé un d'Kommissioun maachen an domat da matdeelen oder der Kommissioun soen, dass se mat engem legislativen Text net d'accord sinn, well en net der Subsidiaritéit entsprécht, dat heescht deene Kompetenzen, déi d'Europäesch Unioun duerch d'Verträge krut.

Dir wësst, dass et do zwee Niveaue gëtt: Dat, wat een d'giel Kaart nennt, an dat, wat een d'rout Kaart nennt. Wann et ëm d'giel Kaart geet, dann heescht dat, dass en Drëttel vun den nationale Parlamenter net mat engem Text d'accord sinn, an da muss den Text vun der Kommissioun réexaminéiert ginn. A wann et, dat ass den zweeten Niveau, méi wéi d'Halschecht vun de Parlamenter sinn, déi net domat d'accord sinn, da muss den Text vun dem Conseil a vun dem Europaparlament gekuckt ginn. Wa 55% vun de Membere vum Conseil a vun dem Europaparlament nee soen zu deem Text, da muss den Text zréckgezu ginn.

Dat heescht also, dass do Prozeduren dra sinn an deem Protokoll Nummer 2, déi et erlaben, fir d'Subsidiaritéit ze kontrolléieren, an d'Subsidiaritéit, dat heescht jo weider näischt wéi genee ze kucken, ob dat, wat d'Europäesch Kommissioun an engem Text mécht, deene Kompetenzen entsprécht, déi eben d'Länner der Europä-

escher Unioun ginn hunn. Dat heescht, deene ee Vertrag, deene hir erlaabt, fir ze handelen.

Dat ass deen een Aspekt, deen an dësem Vertrag dran ass. Deen aneren Aspekt, dat ass och e Rekursrecht, en Droit de recours vun den nationale Parlamenter. Wann eng Kéier e legislative Prozess ofgeschloss ass, wann en Texte législatif an dem Journal officiel publizéiert ass, dat heescht wa wierklech déi Prozedur ofgeschloss ass, da kënnen d'Parlamenter innerhalb vun zwee Méint hiren Droit de recours exercéieren bei der Cour de Justice européenne. Dat heescht, si kënnen dann erëm eng Kéier kloen, dass d'Subsidiaritéit net respektéiert ginn ass.

Mir hunn als Lëtzebuerger Chamber och zréckbehalen an dësem Reglement, dass mer dat Rekursrecht nëmme géifen exercéieren, wa mer och virdrun am Virfeld eng Kéier en Avis motivé iwwert d'Subsidiaritéit abruecht hätten.

Dir wësst, Här President, dass d'Chamber säit dem Oktober 2006 alleguerten d'europäesch Texter direkt vun der Kommissioun kritt. Dat gëtt ons natierlech d'Méiglechkeet, fir ganz schnell dorobber ze reagéieren. Dir wësst och, dass mer e System hei an der Chamber hunn, deen och am Reglement ageschriwwen ass, dass d'Commission des Affaires étrangères et européennes alleguerten déi Texter eng Kéier kuckt an dass déi da verdeelt ginn un déi verschidde Kommissiounen. An dass et also déi sektoriell Kommissiounen sinn, déi responsabel sinn, fir dee Contrôle ze maachen.

Déi sektoriell Kommissiounen, wa se dann en Text kréien, hu véier Wochen Zäit, fir ze soen, ob deen Text der Subsidiaritéit entsprécht oder net, a fir ze decidéieren, ob se en Avis motivé wëlle maachen. Da bleiwe vun deenen aacht Wochen nach véier aner Wochen. An déi véier aner Wochen, déi sollen der Plénière dozou déngen, fir deen Avis motivé offiziell och festzehalen. Well mir mussen dat an der Plénière maachen, well d'Kommissioun gären eng offiziell Stellungnahm vun all Parlament hätt an net nëmme vun enger Kommissioun. Et ass also elo un de parlamentaresche Kommissiounen, wa se esou Texter kréien, fir genee ze kucken, wéini déi Délaien oflafe vun dem Contrôle vun der Subsidiaritéit a sech dorobber anstellen, fir hir Avis motivéen ze decidéieren oder net.

Ech wëll och soen, dass dat natierlech och heiansdo komplizéiert ass, well mer hei an der Chamber och Vakanzen hunn. D'Kommissioun huet zougestanen, dass de Mount August eigentlech net gezielt gëtt fir déi aacht Wochen. Dat heescht, wann elo eppes zum Beispill Enn Juli aus der Kommissioun erauskéim, wou een eventuell misst en Avis motivé maachen, da kann een dat och nach am September maachen. Dat heescht, da ginn déi aacht Wochen eigentlech eréischt un am September. Dat fir där Tatsaach ze entsprechen, dass vill Parlamenter awer e Break hunn am August a souguer heiansdo nach méi laang.

Deen Artikel 168, dee mer elo schonn an dem Règlement hunn, dat ass d'Kapitel 16 vun onsem Reglement, gëtt also elo seriö ausgeweit. Do kommen also déi Donnéeën iwwert den Avis motivé iwwert d'Subsidiaritéit derbäi. Et kënn et derbäi, wa géif e Konvent ageruff ginn, wéi dee Konvent vun der Lëtzebuerger Chamber aus géif zesummegesat ginn.

(Interruptions et hilarité)

Et kënn natierlech och derbäi, wat elo net am Règlement dran ass, mä wat awer och e wichtege Facteur ass, deen ech hei wëll ënnersträichen: Dir wësst, dass niewent deem, wat am Vertrag ass vun Avis motivé iwwert d'Subsidiaritéit an d'Proportionalitéit, d'Kommissioun, den Här Barroso an engem Bréif vum 1. Dezember 2009 den nationale Parlamenter gesot huet, si kéinten och iwwert déi Texter, déi vun der Kommissioun virgeluecht ginn, politesch Remarquë maachen, e politesch Uerteel ginn an dat Uerteel un d'Kommissioun weiderginn, well d'Kommissioun géif och dorobber reagéieren.

Dat stëmmt. Wann emol eng Kéier eng Kommissioun esou en Avis motivé gemaach huet, huet d'Kommissioun do-

robber reagéiert. Si huet iwwregens en extrae Service ageriicht, fir hir Relatiounen mat den nationale Parlamenter ze suivéieren an den nationale Parlamenter op hir politesch Eingaben ze äntwerten.

Ech mengen, dat sinn déi wesentlech Aspekter vun dëser Ännerung vum Règlement. Ech wëll just soen, dass ech hei wëll deene Leit Merci soen, déi dat alles preparéiert hunn. Ënner anere och dem Paul-Henri Meyers, dee mat dorunner geschafft huet. Natierlech och dem Här Frieseisen an dem Här Reiter. An déi Ännerungen hei, déi jo och an der Commission du Règlement duerchgeholl gi sinn, sinn also, wa mer dat haut unhuelen, vu muer un en vigueur; well mer eben d'Mise en vigueur dann den Dag duerno maachen. Dofir muss mer dat dann haut och stëmmen.

Ech wëll och soen, dass et wierklech elo wichteg ass, dass jiddwereen, all President vun de Kommissiounen, och all Députéierten, dee sech fir e Sujet interesséiert, sech bewosst ass, dass en eng Responsabilitéit och an der europäescher legislativer Prozedur huet. An dofir géif ech en Opruff maachen un ons Kolleegen alleguerten, dass se sech där Responsabilitéit bewosst sinn. An och déi Texter, déi mer an d'Kommissiounen ginn, déi vum President direkt an d'Kommissiounen geschéckt ginn, dass déi esou schnell wéi méiglech gekuckt ginn an dass dorobber reagéiert gëtt, am Ufank an net um Enn.

Merci.

► **Plusieurs voix.-** Très bien!

► **M. le Président.-** Merci dem Här Rapporteur Fayot, deem säin Appel ech nëmmen ënnerstëtze kann. Als éischte Riedner ass den Här Léon Gloden age-droen. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Léon Gloden (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer fir d'Éischt, dem honorabelen Här Fayot villmools Merci ze soe fir säin exzellente schrëftleche Rapport an och seng mëndlech Ausféierungen. De Lissabonner Vertrag verstärkt d'Interventionsrechter vun den nationale Parlamenter an dat europäesch Geschehen, an dëst an engem relativ précocé Stadium. Dëst ass eng eemoleg Chance fir eis, déi et heescht unzuhuelen. Den Här Fayot huet dat och scho gesot. Duerch dës Virgehensweis gëtt déi politesch an demokratesch Dimensionsioun vun der Europäescher Unioun gestärkt.

Wéi oft hunn d'Bierger an d'Biergerinnen eis ze verstoe ginn, datt si sech an der Europäescher Unioun vun haut net ëmmer erëmfannen, datt si dëst net verstinn, datt dëst hinnen net zougänglech ass an datt si sech iwwerhaupt net an den europäesche Prozess agebonne fillen?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, elo si mer do, wou mer hi wollten. Elo hu mer d'Chance, eis aktiv an den europäeschen Débat anzebréngen. Déi nei Befugnisse, déi der Chamber duerch de Lissabonner Vertrag zougesprach ginn, ginn eis d'Méiglechkeet, fir eise Matbierger d'Europäesch Unioun méi attraktiv ze gestalten souwéi och déi europäesch Demokratie ze dynamiséieren.

Mat dëser Chance verbënnt sech awer och eng grouss Verantwortung. Dës Verantwortung ass zum groussen Deel eng ganz perséinlech, well hei heescht et virun allem, sech selwer aus eegenem Wëllen a perséinlecher Initiativ an den Débat anzebréngen.

Vun all de Kompetenzen, déi der Chamber duerch déi heiteg Propositionen zougesprach ginn, ass ouni Zweifel déi wichtigst déi vun der Subsidiaritéitskontroll. Ouni an den Detail vun dësem Prinzip anzegoen, läit besonnesch hei bei der konkreter Ëmsetzung vun dësem Prinzip déi perséinlech Verantwortung, vun där ech schwätzen. Esou eng konkret a konsequent Subsidiaritéitskontroll verlaangt nämlech eng intensiv Aarbecht a supposéiert, datt ee sech net nëmme fir dee ganzen europäeschen Décisionsprozess interesséiert, mä och fir de Kontext an d'Konsequenze vun där europäescher Politik.



Här President, Dir Dammen an Dir Hären, esou ass et jo awer elo net, datt mir hei géife komplett Neiland betrieden. Mir hunn och schonn am Passé eis mat der europäescher Politik ausenanergesat, a mir hunn och hei an der Chamber eng ganz Panoplie vun Hëllefsmëttelen.

Ech wëll nëmmen erënneren un déi gutt Relatiounen, déi d'Chamber mat den europäeschen Deputéierten huet. Mir hunn och e Mataarbechter vun der Chamber aus zu Bréissel. Doriwwer eraus hu mer och hei an der Chamber eng europäesch Cellule, déi den Tri vun den Texter mécht, déi vun der Europäescher Kommissioun kommen. Och d'Zesummenaarbecht tëschent der Chamber an der Regierung op dësem Domän ass gutt. Mir haten och rezent Debatten iwwert de Kommissiounsprogramm 2010 an d'Strategie 2020, wou mer eis aktiv mat erabruucht hunn. Doriwwer eraus hu mer och en exzellenten Internet-Site op der Chamber, wou déi europäesch Dimensioun vun der parlamentarescher Aarbecht eng wichteg Plaz huet.

Här President, Dir Dammen, Dir Hären, fir ofzeschlëssen wollt ech soen, datt ech ganz zouversichtlech sinn. Ech sinn zouversichtlech, datt mir als Chamber dëser Aarbecht gewuess sinn, well dëst elo schonns e groussen Deel vun eiser alldeegelecher Aarbecht ausmécht, an awer och, well ech der Meenung sinn, datt e staarke Wëllen do ass, sech méi intensiv mat dëse Froen ze beschäftegen.

Déi rezent europäesch Kris huet eis alleguer virun Ae gefouert, datt et sech bei der europäescher Politik virrangeg ëm déi grouss Erausforderungen, déi sech eiser Gesellschaft an der heiteger Zäit stellen, handelt. Et ass jiddwerengem kloer ginn, wéi wichteg et ass, datt d'Europäesch Unioun als Ganzt fäeg ass, séier ze handelen.

Mir sinn eis zur gläicher Zäit bewosst, wéi wichteg et ass fir eis, als Lëtzebuerger aktiv un dem europäeschen Débat deelzehuelen, fir datt och eisen Interessen a Besoinen an der Diskussioun Rechnung gedroe gëtt.

Déi heiteg Ännerung, gekoppelt mat der aktueller Virgehensmethod vun der Chamber, ginn eis als Chamber méi wéi virdrun d'Méiglechkeet, aktiv kënnen matzeshwätzen. Dëst ass eng Chance: „Let's do it!“

Ech ginn och den Accord vu menger Fraktioun a soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Gloden, an elo kritt awer d'Madame Polfer d'Wuert.

► **Une voix.**- Ah!

► **Mme Lydie Polfer (DP).**- Merci, Här President. Ech si frou, datt Der mech net definitiv gestrach hutt an datt ech awer d'Geleeënheet kréien, fir hei de ganz formellen Accord net nëmme vu menger Fraktioun ze bréngen, mä fir och mäi Merci auszedrécken. Et ass de Mëtteg vun de Mercien un déi, déi dru geschafft hunn, fir eben déi nei Méiglechkeeten, déi d'Nationalparlament kréien an eben och mir, fir dat an Texter ëmzesetzen. Natierlech an éischter Stell Merci dem Här Fayot, dem President vun der Commission des Affaires étrangères, dem Här Meyers an all deenen, déi matgeholf hu schaffen.

Et sinn dat hei Errungenschaften, déi zréckginn op déi Diskussiounen, déi mer haten an der Konventioun, wéi déi Diskussiounen, déi an der Conférence intergouvernementale eben zu dem Traité constitutionnel gefouert hunn, deen zwar net als solchen ugehall ginn ass, mä deen an enger ofgeänneter Form als Traité de Lissabon elo eben zum Droe komm ass. Et war de Wonsch also vun der Regierung.

Et gëtt oft dohinnergestallt, wéi wann d'Regierungen net déi nämlech demokratesch Wënsch hätte wéi d'Parlamenten. Et war hei de Wonsch vun de Regierungen, datt déi national Parlamenten solle méi an den europäesche Prozess mat agebonne ginn.

Firwat? Mä well mer einfach alleguerten ëmmer gesinn hunn, datt de Gruef zwëschent deem, wat an nationale Parlamenten geduecht gëtt iwwert déi europäesch Problematik, an deem, wat am Europaparlament oder um Niveau vum Conseil des Ministres driwwer geduecht gëtt, ëmmer méi grouss ginn ass. Fir dee Gruef méi kleng ze maachen a wa méiglech zouzemaachen, sinn déi nei Méiglechkeeten hei agefouert ginn.

Haut si mer bei der Ëmsetzung an eist Reglement, déi si gutt gemaach ginn, an et ass, wéi elo just mä Virriedner gesot huet: Et ass elo un ons, un ons ze weisen, datt mer wierklech och déi Erausforderungen unhuelen an ons bal alldeegelech an dee Prozess mat abannen. Hei kréie mer d'Méiglechkeeten. Ech wënschen ons, an ech sinn iwwerzeegt, datt mer dat och wäerte maachen.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Merci der Madame Polfer. An dann hunn ech hei nach den Här Gibéryen, deen agedroen ass. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Här President. Ech wëll och vun eiser Säit aus Merci soe fir déi Texter, déi hei gemaach si ginn. Den Här Fayot huet als Rapporteur dem Här Meyers, dem Här Frieseisen an dem Här Reiter Merci gesot. Ech wëll awer den Här Fayot mat do dran aschlëssen, well ech mengen, déi Texter si vun hinne véier ausgeschafft ginn, an et sinn Texter, déi, mengen ech, queesch duerch d'Parteien, souwuel an der Presidentekonferenz wéi och herno an der Reglementskommissioun an där Form ugehall si ginn. Et war eng gutt Aarbecht, déi do gemaach ginn ass, an haut setze mer dann déi Texter hei an eist Reglement an, sou datt se vu muer u kënnen a Kraaft trieden.

Ech mengen, op den Text selwer brauch een net méi anzegoen, dat huet den Här Fayot an allen Detailer gemaach. Et ass hei eng wichteg Roll. Do hu mer eis elo en Instrument ginn hei an dem Parlament, wéi mer d'Subsidiaritéit, d'Proportionalitéit vun europäeschen Texter hei am Parlament kontrolléieren.

Mir hunn alleguer heibanne ganz dacks gesot, datt mer als Parlament virun e Fait accompli gestallt ginn, datt mer Texter kréien, déi mer herno nach just ze ratifizéieren hunn. A mir hunn och ganz dacks gesot, datt mer als Parlament net fréi genuch an d'Diskussiounen agebonne si ginn, fir eist Matsproocherecht do zum Ausdrock ze bréngen. Hei kréie mer elo déi Méiglechkeet; et ass och un eis, fir dovunner ze profitéieren.

Sécherlech, et sinn e puer Testphase gemaach ginn, déi um intereuropäeschen Niveau gemaach si ginn, mä ech mengen, déi nei Prozedur, déi mir eis elo hei ginn, déi wäert och nach déi eng oder déi aner Problematik opwerfen, fir datt mer an där kuerzer Zäit wierklech kënnen erausfannen, ob mer, wat d'Subsidiaritéit oder d'Proportionalitéit ubelaangt, misste mengen hei als Lëtzebuerg eng Opposition dergéint ze maachen oder e Recours dergéint ze maachen. Do musse mer eis sécherlech och als Parlament, souwuel wat d'Verwaltung ubelaangt wéi d'Gruppen, d'Parteien, déi Méiglechkeete ginn, fir déi Mataarbechter ze kréien, géif ech mengen, fir datt mer och déi Aarbecht kënnen seriö an där virgeschriwwener Zäit maachen.

Et hänkt also vun ons of, wéi mer do duerchkommen a wat mer do als Resultat kréien. An ech sinn awer och der Meenung, datt mer interparlamentaresch

mussen aktiv ginn, well alleguer déi Parlamenten an Europa, déi jo en Intérêt drun hunn oder der Iwwerzeegung sinn, datt d'Subsidiaritéit oder d'Proportionalitéit net respektéiert gi sinn, déi hunn och en Intérêt drun, fir Alliiéierter an anere Parlamenten ze fannen. An do, mengen ech, muss och e Mechanismus opgebaut ginn.

Ech ka mer zum Beispill virstellen, datt d'COSAC kéint ee vun deenen Instrumenten ginn, wou dat géif d'Bindeglied tëschent deenen eenzelne Parlamenten duerstellen, wann ee Land esou e Recours mécht, datt dat esou séier wéi méiglech un aner Parlamenten weidergereecht gëtt, well wéi gesot, et huet een och nëmmen en Intérêt oder eng Chance, wann een Alliiéierter fënnt, wa méi Länner Recours géint eng Bestëmmung maachen.

Ech wëll och nach vun eiser Säit aus mat era soen, datt mer selbstverständlech deen Text hei wäerten haut stëmmen.

Op där anerer Säit hat mäi Kolleg Jacques-Yves Henckes och schonn eng Kéier eng Proposition gemaach, wou mer am Fong wollten, datt och an d'Verfassung dat géif ageschriwwen ginn, wéi dat eventuell, wéi dat an Däitschland an a Frankräich de Fall ass, datt och an engem Parlament eng Minoritéit - dat dierfen elo net een oder zwee Leit sinn, mä eventuell eng Minoritéit, wou een driwwer muss diskutéieren - muss d'Méiglechkeet hunn, fir Recoursen ze maachen, an datt een net ëmmer muss eng Majoritéit kréien, well eng Majoritéit dat vläicht awer aneschtens gesäit vis-à-vis vun hire Regierungsmemberen, wéi eng Minoritéit dat gesäit, sou dass een och doriwwer nach eng Kéier misst diskutéieren, wéi d'Zuel misst si vun deenen, déi e Parlament misst zesummekréie bei engem Vote, fir kënnen dee Recours ze maachen.

Insgesamt ass dat heiten awer eng Opwärtung vun den nationale Parlamenten, an ech mengen, et ass, wéi meng Virriedner och gesot hunn, elo un ons alleguer, fir dat draus ze maachen aus deem Instrument, wat mir selwer eis als Zil gesat hunn.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Gibéryen. Entre-temps huet nach den Här Braz d'Wuert gefrot. Här Braz, wann ech gelift.

► **M. Félix Braz (déi gréng).**- Ech wëll just kuerz d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun heizou bréngen, net ouni och all deene Merci gesot ze hunn, déi un deenen Texter sech bedeelegt hunn, besonnesch dem Här Fayot, an an der Hoffnung, dass mer déi Texter hei wäerten an den nächste Jore benotzen, net fir europäesch Bremser ze sinn, mä fir äifreg europäesch Constructeuren ze sinn.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Braz. An dann huet d'Wuert nach den Här André Hoffmann. Här Hoffmann, wann ech gelift.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Majo, vu menger Säit dann och Merci un den Här Fayot fir seng Aarbecht a seng Explikatiounen, an un déi, déi un deem Text hei geschafft hunn. Am Vertrag vu Lissabon, do gëtt et jo tatsächlech och positiv Punkten. Ee vun deenen ass déi gewëssen Opwärtung vun den nationale Parlamenten.

Ech hunn och mat enger gewësser Satisfaktioun festgestallt, dass an där Proposition, fir d'Reglement ze änneren, d'Groupes politiques an d'Sensibilités politiques gläich behandelt ginn. Dat ass jo net ëmmer esou evident heibannen.

Hei geet et allerdéngs elo leedeglech ëm d'Subsidiaritéit. Dat ass natierlech net wéineg. Mä eng aner Fro ass selbstverständlech déi, déi heimadder net direkt zesummenhängt, eng aner Fro ass déi vun der Roll vum Parlament respektiv vun de

Parlamenten par rapport zu de Positionen vun de Regierungen am Virfeld vun europäeschen Décisionen, an ech mengen, do hätte mer nach e gewëssen Nohuelbedarf.

► **M. le Président.**- Den Här Fayot wëllt nach eng Kéier d'Wuert ergräifen.

► **M. Ben Fayot (LSAP), rapporteur.**- Här President, ech muss en onverzeihlechen Oubli trotzdeem guttmaachen. Ech hu vergiess, bei deenen, déi ech zitéiert hunn, nommément ons exzellent Sekretärin vun der Europakommissioun a Generalsekretärin adjoint, d'Madame Barra, déi och hei un dësem Reglement matgeschafft huet an déi och mat där Cellule européenne, déi mer schonn hunn, opgebaut hunn, déi doranner eng formidabel Aarbecht leescht, fir eben och ons bei alle Problemer, déi et an Europa gëtt, och an der Zesummenaarbecht vun de Parlamenten, vun där den Här Gibéryen geschwat huet, fir ons dobäi ze hëllefen. Also entschëllegt deen Oubli, mä ech wollt dat trotzdeem awer maachen.

Ech wollt och dobäi soen, dass onse President, den Här Mosar, extrem aktiv hannert dësem neie Reglement ass an dass dee ganz interessant ass, dass d'Lëtzebuerger Chamber eng wichteg Roll an der Europapolitik spillt.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Fayot. Ech mengen, dat do war en exzellent Schlusswuert fir dës Diskussioun.

(Hilarité générale)

A mir kéimen dann elo zur Ofstëmmung iwwert deen Ännerungsvorschlag vum Chambersreglement.

Vote sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss an den Ännerungsvorschlag ass ugehall mat 57 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Félix Eischen), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Raymond Weydert), Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Scheuer), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch (par M. Eugène Berger), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Jean Huss), François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz et Jean Huss;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser; M. André Hoffmann.

Domadder si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. D'Chamber kënnt muer um hallwer dräi nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 19.15 heures)

